BENU Village Esch asbl
50, rue des Celtes
L - 1318 Luxembourg

+352 27 38 01 - 80
benu@benu.lu
www.benu.lu



VILLAGE ESCH ASBL

# Communiqué de presse : Dissolutioun vum BENU

De Conseil d'Administration vun der BENU Village Esch asbl deelt heimadder mat, dass de 15. November 2023 d'Demande en Liquidation vun der asbl agereecht gouf. Effektiv konnt och no wochelaangem Austausch mat hire wichtegste Finanzpartner, der Gemeng Esch an dem Ëmweltministär, keng Léisung fonnt ginn.

Den 13. Juni 2017 gouf d'asbl gegrënnt, fir am Beräich vun der sozio-ekologescher Kreeslafwirtschaft ze innovéieren. Enn 2018 ass dat éischt ZeroWaste Gebai opgaang, dat virun allem aus Material gebaut gouf, dat normalerweis ewechgehait gi wier : de BENU PROVISORIUM. Bis Hierscht 2022 gouf hei BENU COUTURE entwéckelt, eng sozial inklusiv Kleederwierkstaat, an däer héichwäerteg Kreatiounen aus scho gebrauchte Kleeder entstane sinn, déi soss ewechgehait gi wieren. Säit 2020 ass niewendrun, op engem Terrain vun der Stad Esch de BENU VILLAGE entstan, eng Harmonie tëscht alem Gemaier a neie Konstruktiounen, déi aus alem Material opgebaut goufen. Genau hei gouf viru just e puer Méint de BENU SLOOW lancéiert, e Pilotprojet a Form vun engem innovative, sozio-inklusive Restaurant, dee mam post-gastronomesche Verschaffe vu Bio Rescued Food weise soll, wat alles an eiser Gesellschaft ewechgehait gëtt. Wärend der Bauphas huet BENU FORM, eng kleng Ekipp vu kreativen Handwierker, den artistesche Bannenausbau vum BENU VILLAGE assuréiert. D'Fondation Losch huet doriwwer eraus am Joer 2021 de Lancement vum BENU REUSE erméiglecht, eng Plattform, wou net méi gebraucht, mee nach gutt Saachen ausgetosch ginn.

Nawell soe mir alle deene Leit, déi un de Projet gegleeft an dofir gekämpft hunn, virun allem eiser Ekipp, awer och eise Partner an de Leit dobaussen, e ganz besonnesche Merci fir den Engagement an hir Ënnerstëtzung.



BENU VILLAGE ESCH ASBL | RCS F11364 | BCEELULL LU63 0019 5055 5246 0000